N°1983
Entrée le 18.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°1983 vum 26. Februar 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Vol de voitures électroniques"**

**Fro 1: Ass d'Tendenz, dass manner E-Autoe geklaut ginn, och zu Lëtzebuerg erkennbar?**

D'Datebanke vun der Police erméiglechen et net de Vol vun Autoen opzeschlësselen no Bensinner, Diesel, Elektroauto an Hybrid-Auto. Eng Tendenz kann deemno net op Basis vun der Police-Statistik confirméiert, nach dementéiert ginn.

**Fro 2 : Wéi vill Autoe sinn hei am Land immatrikuléiert gewiescht (Gesamtzuel), opgelëscht op d'Joren 2018 bis 2024 a wéi vill dovunner ware reng Elektroautoen?**

| Umeldungen pro Joer | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Gesamtzuel Autoen | 535 197 | 551 276 | 565 661 | 577 593 | 590 211 | 599 425 | 612 603 |
| Reng Elektroautoen (BEV) | 1 630 | 2 178 | 3 280 | 5 836 | 10 293 | 16 134 | 25 963 |

**Fro 3 : Wéi vill Autoen sinn tëschent 2018 an 2024 geklaut ginn, opgeschlësselt pro Joer, a wéi vill EAutoe waren hei drënner?**

D'Police kann an den Tabellen hei drënner Zuele liwweren, opgeschlësselt no Joer an Typ vun Infraktioun. Wéi an der Äntwert op d'Fro 1 vermierkt ass, gëtt d'Natur vum Gefier net berücksichtegt. D'Statistik regruppéiert am Sammelbegrëff „véhicules" och ënnert anerem Unhänger, Baggeren an E-Trottinetten.

| faits accomplis | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| vols de véhicules | 265 | 273 | 230 | 229 | 333 | 370 | 529 |
| vols de véhicules avec violences et menaces | 3 | 4 | 5 | 3 | 3 | 1 | 4 |
| vols de véhicules avec violences et armes | 3 | 1 | 2 | 2 | 3 | 3 | 3 |
| | | | | | | | |
| **Total** | **271** | **278** | **237** | **234** | **339** | **374** | **536** |

| tentatives | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| vols de véhicules | 28 | 31 | 24 | 33 | 37 | 32 | 60 |
| vols de véhicules avec violences et menaces | 0 | 1 | 2 | 0 | 0 | 0 | 1 |
| vols de véhicules avec violences et armes | 0 | 0 | 2 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | | | | | | | |
| **Total** | **28** | **32** | **28** | **33** | **37** | **32** | **61** |

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN